# Street Festival

**SONNDEG,**
**DE 12. JULI 2026**
**vun 11:00 bis 18:30 Auer**
zu Rëmmerig am Préizerdaul

**Op 3 Bünen Optrëtter ronderëm d'Auer**

- éis Hobbykënschtler présenteieren hiren : Hobbymaart mat Virféierungen
- participatioun vum Policemusee
- Ausstellung : Harley Davidson, historesch Oldtimer, vintage Notzgefierer an Model Trucks
- op 3 Bünen : Live-Music-Event
- XXL-Sprangschlässer fir d'Kanner

**Fir lessen a Gedrénks ass beschtens gesuergt !**

GEMENG PRÉIZERDAUL

DAULER ATELIER asbl

Hobby Kënschtler Lëtzebuerg

Organiséiert vun: **Dauler Atelier asbl** an **Hobbykënschtler Lëtzebuerg asbl** www.hobbykl.lu mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng Préizerdaul

## Véierte Streetfestival zu Rëmmerig an der Gemeng Préizerdaul

Och dëst Joer hu mir als Dauler Atelier asbl eis erëm direkt un d´Aarbicht gemeet an hunn eis all Méi gin fir nit nëmmen un déi schéin Erfolleger vun deene vergaangene Joeren unzeschléissen, mee fir et nach besser ze maachen.

Och dëst Joer ass eise Partner zënter der éischter Editioun, d´Associatioun vun den Hobbykënschtler Lëtzebuerg erëm un der Organisatioun bedeeligt an ass wéi gewinnt fir de Kreativmaart mat iwwer 50 Aussteller zoustännig.

**Konscht a Musik** sinn dann och dëst Joer erëm zwee vun eisen Themen, well et eis als Dauler Atelier gelongen ass 9  zum Deel international  Musiksgruppen a Solokënschtler ze engagéieren, die de gaunzen Dag iwer op 3 Büne fir eng Superstëmmung wäerte suergen.

Fir dem Wonsch vu villen vun eise Visiteure vum leschte Joer nozekommen, hu mir decidéiert eist Ausstellungsareal bis bei eis schéin Rochuskapell däitlich ze erweideren. Op der zousätzlicher Plaz presentéieren mir Iech eng **Ausstellung vun historische Gefierer** – Autoen, Camionen, Trakteren a Motorieder – die zum Deel méi ewéi honnert Joer al sinn.

Eise Festival soll awer och eng Manifestatioun fir d´gaunz Famill sinn, an dofir hu mir och keng Méi gescheit fir mat Atelieren, Kanneranimatiounen, engem Sprangschlasspark mat XXL-Sprangschlässer a Kirmesattraktiounen derfir ze suergen, datt eis Kleng nit ze kuerz kommen.

Wéi bei all groussen Ereegnis üblich, huet den Dauler Atelier dës Broschür erausbru-echt, fir Iech matzedeele wat Iech den 12. Juli 2026 zu Rëmmerig erwaart. Villmols Merci all deenen, déi an iergendenger Form eppes zum Gelénge vun eisem dësjährige Streetfestival bäigedroen hunn, virun allem eise Sponsoren, ouni déi dës Broschür nit méiglich gewiescht wier. E besonnesche Merci geet dobäi un d´Gemeng Préizerdaul, déi eis esouwuel finanziell ewéi och mat Manpower ënnerstëtzt huet.

Als Präsident vum Dauler Atelier wëll ech all d´Leit déi de Wee op Rëmmerig fannen, häerzlich wëllkomm heeschen. Ech wënschen Iech op dësem Wee vill Spass a Freed um Streetfestival 2026.

**Camille Schrenger**
Präsident Dauler Atelier asbl



